PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Justiz weiderzeleeden.

An engem Communiqué vum 15te Februar huet de Contrôleur européen de la protection des données (CEPD) eng Analys zur Spionagesoftware "Pegasus" gemaach, déi vun der israelescher Firma NSO ausschliisslech u staatlech Institutioune verkaf gëtt.

De Staatstrojaner hat am Summer fir Skandaler gesuergt, well een Netzwierk vun internationale Journalisten erausfonnt hat, dass Pegasus op Handye vun Aktivisten, Journalisten an Oppositiounspolitiker genotzt gouf. Et ass deemno net auszeschléissen, dass verschidde Regierungen an der EU dësen Trojaner fir politesch motivéiert Spionageaktivitéite benotzen. D'Regierung konnt an den Äntwerten op meng parlamentaresch Froen n°4685 a 4692 net ausschléissen, dass och lëtzebuergesch Persounen an Institutioune vum Spionageskandal betraff waren.

De Communiqué vum 15te Februar léisst kee gutt Hoer un de Praktiken, déi NSO de Staaten mam Gebrauch vu Pegasus a proposéiert a senger véierter Recommandatioun, dass d'EU-Staaten de Gebrauch vun der Pegasus-Software ënnerbanne sollen. Notamment kéint een, nom CEPD, op Basis vum Artikel 83 vum TFEU d'Benotze vu Spyware als kriminell Aktivitéit definéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung mat den Argumenter vum CEPD averstanen, déi ee Verbuet vu staatlecher Spyware, wéi dem Pegasus-Programm, fuerderen?

2. Wäerten d'Ministeren dem Opruff vum CEPD nokommen a sech am Conseil vun der EU dofir asetzen, dass Spionagesoftware, wéi de Pegasus-Programm, op europäeschem Niveau verbuede ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député